

Dossier de presse

RUCKSAKBIBLIOTHÉIK

18. Mee 2021

Iwwerreechung vun der Rucksakbibliothéik vum Comité de la Mémoire de la Seconde Guerre Mondiale am Carré zu Hollerech vun der Ecole nationale pour Adultes an der Ecole Privée Sainte-Anne un d'Ecole fondamentale vu Stroossen an de Lycée technique du Centre.

D'Rucksakbibliothéik ass eng Initiativ, déi 2017 an d'Liewe geruff gouf vum Aarbechtsgrupp « **Pédagogie et sensibilisation a Commémoration** » vum CM2GM.

Sënn an d'Zweck vum Projet Rucksakbibliothéik **vun de Schoule fir d'Schoulen** ass, no enger konsequenter Ausernanersetzung mat den Dokumenter iwwer den 2. Weltkrich, Gedanken, Gefiller, *best practices*, Astellungen, Wëssen a Materialien zum 2. Weltkrich ënner de Schoulen ze deelen.

D'Fakel vun der Erënnerung weiderreechen heescht och Hoffnung a Glawen un dat Gutt am Mënsch weiderreechen, grad wi d'Iwwerzeegung, dass zesummen den destruktiven Kräften am Mënsch muss entgéint gewierkt ginn!

No de Wëlzer Schoulen 2020, war et den 18. Mee 2021 un der Ecole Nationale pour Adultes an der Ecole Privée Sainte-Anne fir hir Dokumenter, Filmer, Bicher, déi si ausgeschafft hunn, un di nächst 2 Schoule weiderzerechen, sou dass am Laf vun de Joren eng wäertvoll Dokumentatioun vun de Schoulen erstallt gëtt, déi si mat hire KollegInnen aus den anere Schoulen deelen.

D'Communauté scolaire vun der ENAD huet Léisungen a Weeër fonnt fir och a Pandemie-Zäiten d'Voleten vun der Mémoire un den Zweete Weltkrich an d'Mënscherechter am Schouljoer 2020-21 ze verdéiwen. Sou huet en Aarbechtsgrupp e méisproochegen Atelier d'écriture zum Dag vun de Mënscherechter, den 10. Dezember 2020 entwéckelt, deen op bal alle Klasse realiséiert gouf an och an aneren UNESCO-Schoule wéi dem Lycée du Nord ëmgesat gouf. E weideren Héichpunkt war d'Ausstellung vum Moler Jang Lamborelle „Répondre à la barbarie par des salves de beauté“, wou zuelräich Workshoppen an de Kuere stattfonnt hunn an néng Klasse sech de 7. Mee op enger Journée d'échange mat Verrieder vum CM2GM an aneren Organisatiounen aus der Zivilgesellschaft austausche konnten. De Résidu vun dese Begéinungen si vun der Schoul an engem Video verschafft ginn. Dese Film souwéi pedagogesch Praktiken, déi an der ENAD zu den Theeme Gedenkarbecht a Mënscherechterzëiung ausgeschafft goufen, si vu lo ons och Deel vun der Rucksakbibliothéik.

Ecole Privée Sainte-Anne

Als Member vum Netzwierk vun den UNESCO-Schoulen war et fir d'Ecole Privée Sainte-Anne vun Ettelbréck selbstverständlech um Projet Rucksakbibliothéik deelzehuelen. Als Schoul geet et jo drëm, Jonker op eng Zukunft virzebereeden, déi sech ëmmer méi séier verännert, ouni awer de Bléck op d'Vergaangenheet ze vernoléisseg. Säit Joere beméit Sainte-Anne sech, eis Schülerinne mat Hëllef vu Projetsaarbecht beim Opschaffe vun der Vergaangenheet anzebannen an hinne sou d'Geschicht méi gräifbar a verständlech ze maachen. Säit Laangem sensibiliséiert dës Schoul dofir hir Schülerinne mat verschiddeenen Aktivitéiten zum Thema vun der Mémoire un den 2. Weltkrich. D'Deelhuelen u Gedenkzeremonien, Sensibiliséierungsaktiounen u Gedenkdeeg, regelméisseg Visite vu Gedenkstätten, Vernichtungs- a Konzentrationslageren wéi z.B. Hinzert an Auschwitz, si fest verankert an eiser Schoulagenda.

D'Projetsaarbecht am Joer wou d'Rucksakbibliothéik an der Schoul war, war leider reduzéiert, well keng gréisser Aktivitéite wéinst der Pandemie stattfanne konnten. Dofir hunn awer d'Klassen um Holocaust-Gedenkdag de 27. Januar eng Gedenkminut ofgehalen an d'Schülerinnen hunn un der Aktioun #weremember deelgeholl an hir Fotoen op de sozialen Netzwierker gedeelt. Et gouf och e Clip realiséiert, fir eis Schülerinnen ze sensibiliséieren: Nimools vergiessen! E gréissere Projet konnt awer trotzdeem realiséiert ginn: En E-Book iwwert d'Geschicht vun eiser Schoul am 2. Weltkrich. Dëse Projet verbënt vill vun deenen Iddien, déi eiser Schoulgemeinschaft wichteg sinn: En ass schülerInnenorientéiert, well zesumme gouf um Text gefeilt a gefuerscht, fir e Produit ze erstellen, dee fir Jonker vun haut gudd verständlech ass. D'Digitaliséieren, d'Verschaffen an d'Gestalte vum Buch gouf mat Hëllef vu neie Medien, déi ëmmer méi zu de Kärkompetenzen vun eisem Alldag gehéieren, ausgeféiert. A schliesslech goufen duerch dëst Buch och d'Wärter vun eiserer Schoulgemeinschaft bestäetgt. Den Zesammenhalt an de respektvollen Ëmgang mateneen an eiser Schoul baséiert op enger laanger Traditioun a wäert och an Zukunft héichgehale ginn.

Eng 3e GSO (section sociales)-Klass huet zesumme mat hirem Enseignant, dem André NEY, en Text iwwerschafft, deen eis vun der Sr Rita vun der Doctrine Chrétienne zur Verfügung gestallt gouf a nach ni verëffentlecht gouf. Déi däitsch Iwwersetzung vum handgeschriwwenen Text huet misse getippt, digitaliséiert a verschafft ginn. Dofir ass den Text an eng schülerInnengerecht vereinfacht Versioun vum Fabienne FISCHER, Däitschenseignante am Sainte-Anne, ëmgeschriwwen ginn.

Den Text "Sankt Anna im Krieg" beschreift d'Geschicht vum Pensionat just virum Krich an d'Liewe vun de Schwësteren an der Schoul zu Ettelbréck. D'Schülerinnen hu sech mam Thema auserneegesat, fir en Iwwerbléck ze kréien a wéi enger Situatioun d'Pensionat war (z.B. während der Besetzung an duerno an der Ardennenoffensive). Déi eenzel Phase vum Krich si mat Kaarten illustréiert ginn a Fachwierder goufen erkläert a mat Beispiller aus dem Pensionat verdäitlecht. Kuerz Filmsequenzen, déi d'Liewe vun enger Schwëster nom Krich an haut erklären, an iwwert e Link ofgespillt kënnen ginn, ronnen dat ganz Dokument of.

Di **Stroossener Grondschoul** ass frou elo am Kader vun der Rucksakbibliothék de SchülerInnen aus dem Cycle 4 déi wichteg Theemen aus der Vergaangenheet, déi ni a Vergiessenheet solle geroden, op eng aktiv an transparent Manéier méi no ze bréngen.

Si freeë sech all a si gespaant op déi flott Projeten, déi sech an dësem Kontext am Laf vum nächste Schouljoer wäerten erginn.

Nëmme wann een d' Erënnerungen aus der Vergaangenheet fleegt, kann een déi richteg Schlussfolgerunge fir elo a fir d' Zukunft zéien.

Am Lycée technique du Centre si Schülerinnen an Schüler aus iwwer 80 Natiounen.

E friddlecht Zesummeliewen an der Schoul ass méiglech, well Wäerter wéi géigesäitege Respekt an Toleranz grouss geschriwwen ginn.

Den LTC freet sech ganz besonnesch fir duerch dëse wichtegen a spannende Projet säin Deel dozou bäizedroen, dat d'Mémoire zu dësen Theemen oprechterhaale bleift.